N° 4441
Reçue le 06.07.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

Luxembourg, le -5 07. 21

Réf. : 839x1c76e

La Ministre de la Culture

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

**Objet : Réponse à la question parlementaire n° 4441 du 8 juin 2021 de Monsieur le Député Roy Reding**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n° 4441 du 8 juin 2021 de Monsieur le Député Roy Reding au sujet du classement d'objets d'art empruntés par le MNHA, avec prière de bien vouloir la continuer à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Sam Tanson
Ministre de la Culture

Annexe : réponse à la QP n° 4441

139-000050-20090730-FR

**Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n° 4441 vum 8. Juni 2021 vum Här Deputéierte Roy Reding**

1. Den honorabelen Deputéierte saiséiert mech mat enger Fro iwwer fënnef Konschtobjeten déi der Congrégation Notre-Dame gehéieren. Et sief am Virfeld ze vermierken, datt et sech wuel em fënnef Konschtobjeten handelt, awer net em zwee, mee nëmmen em een Dyptique. Tatsächlech sinn déi zwee ernimmte Biller vum Albrecht Bouts (1452/1460-1549) mat den Titelen „Christ de douleur" a „Vierge de douleur" Bestanddeeler vun engem an dem selwechten Dyptique.

   Dësen Dyptique ass dem MNHA vun der Congrégation Notre-Dame den 30.03 2009 als "prêt à durée indéterminée" iwwerlooss ginn an zanterhier an der Obhut vum Nationalmusée. Dëst an der lëtzebuerger Konscht- a Sammlungsgeschicht eenzegartegt Wierk ass an der Daueraustellung vum Musée permanent ze gesinn. Den Dyptique stoung och am Mëttelpunkt vun enger grousser Ausstellung zum Moler, *Blood and Tears. Albrecht Bouts and the image oft he Passion*, mat Leihgaben e.a. aus dem Louvre, dem Metropolitan Museum an dem Prado, dei vum 07.10.2016-12.02.2017 am MNHA ze gesi war, an duerno vum 08.03-11.06.2017 am Suermondt-Ludwig-Museum zu Aachen, mat deem dës Ausstellung konzipéiert an organiséiert gi war. Et gëtt zu dëser Ausstellung och eng Publikatioun, déi an der Tëschenzäit zu engem Referenzwierk zum Moler ginn ass[1]. Hei ass den Dyptique op de Säiten 108-111 detailléiert beschriwwen.

2. D'Staurothéik ass schonn zanter dem 03.03.2004 als "prêt à durée indéterminée" an der Obhut vum MNHA an ass do an der Dauerausstellung permanent ze gesinn. Si ass ouni Zweifel een wann net dat wichtegst Wierk reliéiser Konscht aus dem 13. Jorhonnert zu Lëtzebuerg an doriwwer eraus an der Groussregioun. Och d'Staurothéik stoung am Mëttelpunkt vun enger grousser Ausstellung mam Titel *Trésors insoupconnés. Orfèvrerie ancienne au Luxembourg*, déi awer net 2016 ma scho vum 01.10-28.11.2004 am MNHA gewise ginn ass. Och am Kader vun dëser Ausstellung ass e Buch publizéiert ginn, wat an der Teschenzäit en Referenzwierk ginn ass[2]. Hei ass d'Staurothéik op de Säiten 21-37 detailléiert beschriwwen.

   D'Staurothéik ass am Virfeld vun der Ausstellung am Februar 2004 vum däitsche Restaurateur Peter Bolg konservatoresch stabiliseiert ginn, fir se ëffentlech presentéieren ze kënnen. D'Käschte vun dëser Interventioun hu sech op 2.010 € belaf a si vum MNHA gedroe ginn. D'Reeskäschten an de Séjour vum Restaurateur zu Lëtzebuerg si vun der Congrégation Notre Dame iwwerholl ginn.

3. Et ass international gängeg Praxis, dass e Musée d'Käschte vun enger Restauratioun vun engem Konschtwierk iwwerhëlt, wann dëse Musée dat Wierk wëll am Kader vun enger Ausstellung oder senger Daueraustellung weisen an d'Wierk net an engem präsentatiounsfähegen Zoustand ass. Dat gëllt och fir de Prêt temporaire vu Wierker ënnert Muséeën. Esou huet den MNHA am Laf vun der Zäit ëmmer emol nees d'Käschte vun eenzelne Restauratiounen iwwerholl an ëmgekéiert och Wierker aus senge Bestänn op Käschte vun anere Muséeë restauréiert kritt, wann dës Muséeë se wollten am Kader vun Ausstellungen weisen.

4. Déi fënnef Konschtwierker sinn ouni Zweifel ganz wichteg Bestanddeeler vum lëtzebuerger Patrimoine, souwuel aus konschthistorescher wei aus historescher Perspektiv. Se sinn 2004 bzw. 2009 op Initiativ vun der Congrégatioun Notre Dame an d'Obhut vum MNHA komm. An deem Zesummenhang hunn d'Schwësteren och de Wonsch geäussert, dass de konschtgeschichtleche Patrimoine vun hirem Uerden onbedéngt fir Lëtzebuerg sollt erhale bleiwen, an dass se dowéinst wéilten e Legs un den MNHA/Staat nom Dout vun der leschter Schwëster an d'Weeër leeden.

   Well d'Objeten an der Obhut vum MNHA waren, huet keng Urgence bestane fir e Klassement z'envisagéieren. De Kontakt tëschent de Schwëstere vun der Congrégation Notre-Dame an dem

[1] Peter van den Brink, Dagmar Preising, Michel Polfer, *Blut und Tränen. Albrecht Bouts und das Antlitz der Passion*, Regensburg (Schnell & Steiner), 2016.
[2] Eva Toepfer, *Alte Goldschmiedekunst in Luxemburg,* Luxemburg (Publications du MNHA), 2004.

MNHA war och all déi Joren zanter 2004 vu géigesäitegem Vertrauen a Respekt gepräägt, an ass dat bis haut. D'Schwëstere si frou doriwwer, dass hire Patrimoine am MNHA net nëmme gutt versuergt gëtt, mä och fir den allgemenge Public zougänglech ass, an dass domadder eng Erënnerung un déi bal véierhonnertjäreg Traditioun vun hirem Uerden zu Lëtzebuerg wäert siichtbar bleiwen.

A leschter Zäit hu sech awer nei Elementer erginn, déi e Klassement vun den Objeten als zousätzlech Protektioun nëtzlech an néideg erschénge loossen:

- E Legs vun der Congregatioun un de Staat erweist sech kiercherechtlech als komplizéiert. Hei missten am Virfeld och déi réimesch Autoritéiten an indirekt och den Äerzbistum hiert Averständnis ginn.
- D'Monstranz an d'Münstermadonna sinn op Wonsch vun de Schwësteren an Tëschenzäit an aner Institutiounen iwwerstallt ginn an domadder net méi ënnert der direkter Obhut vum MNHA.

Aus dëse Grënn huet den MNHA mam Averständnis vun de Schwësteren d'Initiativ ergraff, beim Kulturministère de Klassement unzefroen. Dëse Klassement stëllt sécher, dass wien och ëmmer spéiderhin de neie Proprietaire vun dëse Wierker wäert ginn, dës Wierker dem lëtzebuerger Patrimoine net wäerte verluer goen an zu Lëtzebuerg wäerte bleiwen.